

**Sent:** Monday, December 7, 2020

**To:** Jacques Brosius

**Subject:** Consultation dans le cadre de la révision de la loi sur l'intégration

Gudde Mëtteg,

Hei fannt dir e puer Umierkungen vun der Integratiounskommissioun vun der Gemeng Bartreng.

Eis Haaptpunkten leien op der Organisatioun vun diversen Manifestatiounen fir d'Integratioun ze fördern:

- Soirée de Bienvenue
- MultiCulti
- Soirées thématiques

Sou wéi och eng gezielten Sensibilisatioun virun den Wahlen fir d'Leit drop hinzeweisen wat hier Rechter an Pflichten an dësem Land sinn.

Des weideren ass och ugeduecht, an Zukunft en Sproochcafé an Zesummenaarbecht mat Club Senior op Been ze setzen, fir esou Jonk an Aal, wei och all méiglech Sproochen mateneen ze verbannen fir en Austausch an och Förderung vun der Lëtzebuenger Sprooch an den Virdergrond ze réckelen.

Eis ass et wichteg, die Jonk an Boot ze kréien, an probéieren och op dësem Wee mat der Familljen- a Jugendkommissioun zesummen Projeten an der Zukunft op Been ze setzen.

Eisen Message soll sinn, datt jiddereen Gläich ass, egal vun wou en hier kennt, an mir och nëmmen Zesummen eppes erreechen kennen. An eiser Gemeng sollen Leit sech akzeptéiert fillen an och Toleranz een vis-à-vis vun deem Aneren bewierkt eng optimal Integratioun.

Mir hoffen datt mir heimadden och en klengen Deel zum Ganzen kennen bäidroen.

Bescht Gréiss,

Nadine SCHMIT



**Secrétariat**

Nadine SCHMIT, *rédacteur*

tel.: 26 312 – 334

fax: 26 312 – 757